



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Sécurité intérieure

**REÇU**

Par Alff Christian , 11:28, 11/02/2021

A  
Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 11 FEV. 2021


**Objet : Question parlementaire urgente n°3595 du 8 février 2021 de Messieurs les Députés Serge Wilmes et Laurent Mosar concernant le communiqué de presse du SNPGL.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire urgente reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

**Äntwert vum  
Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet  
zu der dréngender parlamentarescher Fro  
Nr 3595 vun den éierbaren Deputéierten Här Serge WILMES a Laurent MOSAR**

- Wéi reagéiert de Minister op dës Kriticken?

De Minister kann mam Fong a mat der Form vun dëse Kriticken absolut net d'Accord sinn. Hien ass der Meenung dat een nëmme weiderkënn andeems een an engem oppenen a konstruktiven Dialog matenee schwätzt. Déi onberechtegt Attacke viséieren net nëmme de Minister mee diskreditéieren virun allem déi engagéiert Police Leit déi um Terrain ënnerwee sinn.

**E puer Zuelen fir d'Präsenz op der Gare/Hollerich/Bonnevoie z'ënnersträchen:**

Op der Gare sinn ëm déi 50\* Polizisten an Uniform (chefs compris) déi an den 3 Unitéiten déi den Territoire Quartier Gare/Hollerich/Bonnevoie couvréieren, opgedeelt op 2 resp. 3 Roulements.

Ongeféier 20\* Polizisten an Uniform déi op déi 3 Unitéiten als Renfort detachéiert sinn opgedeelt op 3 Roulements.

4-5 Persounen à statut civil als support zu den Uniforméierten.

8 Memberen am Zivil vum SPJ.

2 maîtres-chien 16/7 => +- 4 pro Dag.

Dobäi kommen nach ongeféier 120 Poliziste an Uniform vum Kommissariat Lëtzebuerg deen net nëmme de Quartier Gare mee de ganzen Territoire vun der Stad Lëtzebuerg couvréiert.

Wat Verhaftungen ubelaangt:

Reng Drogen: 17 Verhaftungen am Januar, dovun 8 an der Staat (Service Police Judiciaire an Capitale), am Februar 3 Verhaftungen, dovun 2 an der Staat (Mandat)

\*Hei kann ee keng genee Zuel nennen, well déi Zuel en Fonction vun de besoins journaliers reegelméisseg ännert.

Präsenz um Terrain:

Januar - Woch	Zuel Kontrollen	Moyenne geschaten Patrouillens pro Dag op Basis vu Kontrollen
04/01/2021	91	13
11/01/2021	94	13
18/01/2021	97	14
25/01/20201	88	13
<b>TOTAL</b>	<b>370</b>	<b>53</b>
<b>Februar – Woch</b>		
01/02/2021	91	13

Remise/Reprise: ass ee Pilotprojet, deen säit dem 4 Januar 2021 am Commissariat à 3 roulements Lëtzebuerg, en Concertatioun mat den Justiz Autoritéiten, leeft fir d'lwuerstonnen ze reduzéieren an eng méiglech Präsenz um Terrain ze erméiglechen. Dësen Projet soll:

1. eng Erliichterung vum administrativen Opwand fir d'Policebeamten op engem Commissariat erméiglechen;
2. eng exzessiv Unzuel vun Iwwerstonnen verhënneren wann eng Affaire kuerz virun Schicht-Enn erakënnt;
3. der einzelner uniformierter Patrull méi Präsenz um Terrain erlaben an dem Bierger doduerch een besseren Déngscht leeschten;
4. en Zäitgewann erméiglechen am Ofschaffen vun den Affairen (an doduerch souguer erméiglechen vläit méi Affairen ze traitéieren während enger Schicht);
5. et erméiglechen, falls gewünscht, schonn den éischten Acte vum PV, wat jo eng art "saisine initiale" vun der Police ass mat der Beschreibung em wat dass et geet an wat déi éischt Ëmstänn/Elementer sinn déi der Police gemellt resp. vun der Police konstatéiert goufen, dem Parquet/Untersuchungsriichter ze mailen fir en éischten Iwwerbléck ze kréien eh resp. en parallele wou déi aner Acten ulafen;
6. à long terme néi Weeër erméiglechen wéi z.B d' 'Aféieren vun engem BackOffice op der Schicht selwer (Polizisten/OPJ'en déi e.a. am bannen-Déngscht Affairen kéinten vervollstännegen/weider féieren)..."

- Wat soll an Zukunft géint d 'Gefill vun der Onsécherheet vun de Leit gemaach ginn? Ginn et do konkret Pläng?

De Minister ass sech natierlech der Lag op der Gare an ze Bouneweeg ganz bewosst.

Dofir, fir eppes géint d'Gefill vun Onsécherheet vun de Leit ze maachen, wëll de Minister méi Effektivitéit um Terrain , notamment andeems méi Actions Coup de point stattfannen.

De Minister wëll och dat Police méi no um Bierger ass a méi flexibel agéiere soll kënnen. An deem Sënn ass och de projet pilote Reprise/Remise, wei an der virrechter Fro scho beschriwwen.

Dofir ass hien och reegelméisseg um Terrain fir sech d 'Saach souwuel mat de kompetenten Policersponsabelen unzekucken, wei och mat de politesch Responsabele vun der Stad Lëtzebuerg.

De plus gouf ee Groupe de travail interministériel zesummegezat, wou gemeinsam no Léisungen am Beräich vun der Problematik vun dem Drogenkonsum an der Kriminalitéit déi dorunner hänkt gesicht gëtt. D'Konklusiounen vun deem Aarbechtsgrupp gi fir Enn Februar am Regierungsrot diskutéiert an duerno och an der Chamber presentéiert.

- Wéi solle bis nächst Joer 200 zousätzlech Polizisten op den Terrain kënnen geschéckt ginn? Wéi sollen dës zousätzlech Agenten bannent kuerzer Zäit all déi noutwennege Formatiounen duerchlafen?

D'Formatioun vun de Police Stagiären huet eng Dauer vun 2 Joer, a besteet aus enger theoretesch-respektiv praktescher Phase an enger Phase d'initiation pratique. Dat éischt Joer vun hirem Stage kréien des Kandidaten eng theoretesch a praktesch Formatioun. Dës geet am Abrëll dëses Jores un. No dëser Ausbildung fänken d'Kandidate mat der initiation pratique un an déi besteet doranner, dass d'Stagiäre während dësem zweete Stagejoer verschidden Unitéiten gesinn, Erfahrungen kënnen sammelen an dofir am Prinzip als drëtter Member solle matfueren.

Et ass och nach ze präziséieren, datt d'Stagiairen am zweeten Joer Formatioun d'Qualitéit vum Agent de police judiciaire (APJ) a vum Agent de police administrative (APA) kréien. Doduerger kréien se méi Kompetenzen wéi déi virrecht Promotiounen.

- Ass d'Gewerkschaft an déi aktuell Rekrutéierungspläng vum Ministère mat agebonnen? Wann jo, a wéi enger Forme ? Wann nee, firwat net ?

Jo d'Gewerkschaft war vun Ufank un mat an de Rekrutéierungspläng agebonnen. Am Juni 2019 gouf vum Minister Bausch ee Courrier un déi verschidde Gewerkschaften geschéckt wou ee Groupe de travail agesat ginn ass, deen iwwert de Plan de recrutement sollt schwätzen. Déi éischt

Reunioun vun deem Grupp ass den 12. Juli 2019 aberuff ginn. De selwechten Dag koum et zu engem Accord tëscht dem Minister an de Gewerkschaften. Et gëtt och regelméisseg Echangë mat de Gewerkschaften, ënnert anerem mam SNPGL wou des Projete beschwat ginn.